
Gemeng Sëll

# Um Fouss vum Ditzebierg



1.2021

## Léif Biergerinnen a Bierger!

De leschte « Buet » ass am Juli vun leschte Joer erauskomm. Bis haut geheit déi sanitär Kris eist Liewen nach ëmmer op d'Kopp. Wéinst deenen héijen Infektiounszuelen, war d'Regierung elo kuerz forcéiert, nei Mesuren ze huelen, déi äis weider aschränken. Domat soll en Zesummebroch vun de liewenswichtegen Zerwisser an de Spideeler verhënnert ginn.

Loosse mer äis gewëssenhaft un déi nei Reegelen halen. Ech sinn iwwerzeegt, datt mer dann och, an der nächster Zäit, manner Infektioune wäerten hunn.

Dës sanitär Kris, déi eis Fräiheet deelweis a Gefor bréngt, huet och wirtschaftlech Spueren hannerlooss. Vill Gesellschafte lafe Gefor, dat net ze iwwerliewen. Domat wäerten da vill Matbierger riskéieren, hir Aarbecht ze verléieren.

Et versteet sech vum selwen, datt d'Staatsfinanzen, a logescherweis och d'Gemengebudgeten, dorënner ze leide kréien. Et wier awer kee gutt Zeechen un d'Ekonomie, wann de Staat an d'Gemengen hir Investissementer géifen zeréckschrauwen. Dofir huet eise Gemengerot beschloss, eis Projeten esou séier wéi méiglech ze realiséieren.

Wann d'Kris och verschidden Entwécklungen ausgebremst huet, sou hu mer et dach fäerdegbruecht, e puer Projeten ofzeschléissen. Zum Beispill, den Amenagement vun der Plaz ronderëm de Séller Kierfecht, den neien Trottoir « am Dall » an d'Neigestaltung vum Rousegaart an der Cité « am Gaart ».

Zu Schweebech sinn d'Aarbechte vum Park&Ride amgaang. Anerer, wéi de Bau vum Pompjeesbau a vum Gemengenatelier, wäerten nokommen.

Am Kader vun der Verschéinerung vun eiser Gemeng, gëtt d'Kiercheplaz neigemeet. Dëse Projet gëtt vun der Gemeng ausgefouert. Mir waarden drop, datt d'Regierung äis gréng Luucht gëtt fir unzefänken.

Wat d'Moderniséierung vun den Infrastrukturen an der Arelerstrooss (N8) ugeet, an den Amenagement vun enger 30er Zon, op der Héicht vun der Schoul, do hunn ech dës Noriicht fir iech. An engem Schreiwes deelt de P&Ch äis mat, datt d'Soumissioun fir dee Projet Enn Juni 2021 erausgeet. Da kéinten d'Aarbechte vläicht am Hierscht ulafen.

Dat ass eng ganz wichteg Noriicht fir eis Gemeng, well aner Projeten do hannendrun hänken, wéi déi thermesch Leitunge fir déi geplangten Zentralheizung vun de Gemengegebaier. Dat selwecht gëllt och fir d'Erneierung vun der Kierfechtstrooss.

Um Enn wëll ech iech nach matdeelen, dir hutt et bestëmmt scho gemierkt, datt eis Gemeng eng Konventioun mam CIGR+ vu Wooltz ënnerschriwwen huet. Si verstäerken eis kommunal Gaardenekipp. Mir heesche si häerzlech wëllkomm a gratuléieren hinnen, fir déi éischt Erfolleger, déi scho ganz villverspriechend ausgesinn. Si bidden och e Gaardenzerwiss an eng Hëllef bei klengen Aarbechten un, an zwar fir eis Awunner iwwer 60 Joer.

Ech hoffen, datt d'Feierlechkeete vum Joresenn gutt fir iech verlaf sinn. Ech wënschen iech dat Bescht fir d'Joer 2021. Virun allem eng gutt Gesondheet.

Jean Konsbruck
Buergermeeschter



## Chers citoyennes et citoyens,

Depuis la dernière parution du « Buet » en juillet de l'année dernière, la crise sanitaire bouleverse toujours notre quotidien. En raison des infections élevées, le gouvernement était récemment obligé d'annoncer de nouvelles mesures plus restrictives, afin d'éviter un effondrement des services d'urgence des hôpitaux.

Respectons scrupuleusement les nouvelles règles sanitaires et je suis convaincu que nous pourrons baisser les infections dans un avenir proche.

Cette crise sanitaire qui met partiellement en péril notre liberté, a également laissé des traces économiques, et beaucoup de sociétés risquent de ne pas s'en remettre. En conséquence, beaucoup de citoyens risquent de perdre leur emploi.

Il va sans dire que la trésorerie de l'état va également souffrir et logiquement les budgets communaux vont subir aussi. Mais ce serait un mauvais signal à envoyer à l'économie, si l'état et les communes repoussaient leurs investissements.

Par conséquent, notre conseil communal a décidé de réaliser nos projets au plus vite.

Même si la crise a freiné certains développements, nous avons cependant pu finaliser quelques projets cette année, notamment l'aménagement des alentours du cimetière de Saeul, le nouveau trottoir «am Dall » et la refonte de la roseraie dans la cité « am Gaart ».

Les travaux à Schwebach pour le Park&Ride sont également en cours et d'autres vont suivre prochainement, comme la construction de la caserne des sapeurs- pompiers et de l'atelier communal.

Dans le cadre de l'embellissement de notre commune, la place de l'église aura une refonte. Ce projet est finalisé par la commune et nous attendons l'aval des administrations gouvernementales pour le débuter.

Quant à la modernisation des infrastructures de la route d'Arlon(N8) et l'aménagement d'une zone 30 à la hauteur de l'école, je peux également vous annoncer la nouvelle, que selon un écrit de l'administration des P&Ch, la soumission y relative sera publiée fin juin 2021, de façon que les travaux pourront probablement démarrer en automne.

Ceci constitue une nouvelle très importante pour notre commune, vu que d'autres projets dépendent de cette réalisation, notamment la pose des conduites thermiques pour le futur chauffage central des biens communaux. Il en va de même pour le renouvellent de la rue du cimetière.

Pour terminer, je peux également vous annoncer, et vous l'avez certainement déjà remarqué, que la commune a signé une convention avec le CIGR+ de Wiltz notamment pour renforcer notre équipe communale du service jardinage.

Nous leur souhaitons la bienvenue et les félicitons des premiers résultats, qui me semblent très prometteurs. Reste à noter qu'ils offrent également un service jardinage et un service petits travaux pour les habitants de notre commune, qui ont dépassé l'âge de 60 ans.

En espérant que les fêtes de fin d'année se sont bien passées pour tous, je vous souhaite mes meilleurs vœux 2021 et surtout une bonne santé.

Jean Konsbruck
Bourgmestre

## Séance du conseil communal du 8 juin 2020

Présents: Jean Konsbruck, bourgmestre, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, échevins, Marc Fisch, John Kaufmann et Gérard Zoller, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.

Excusé : néant

**1. Désignation d'un local pour les réunions du conseil communal**

En raison de la pandémie « COVID-19 le conseil communal décide unanimement de désigner la salle des fêtes de Saeul comme local de réunion des séances du conseil communal pendant la durée de l'état de crise.

### Séance à huis clos

**2. Enseignement : Proposition de réaffectation de postes**

Deux instituteurs pour les cycles 2-4 de l'enseignement fondamental de la commune sont réaffectés unanimement, à savoir M Kim Folschette de Greisch et M. Jeff Ittenbach de Keispelt.

**3. Prolongation de la nomination du secrétaire communal ff.**

Le sieur Joé WOLFF est nommé à l'unanimité des voix en tant que « secrétaire communal faisant fonction » à partir du 1er juin 2020 jusqu'au 30 novembre 2020 inclus.

### Séance publique

**4. ASTA : Travaux de réfection des chemins ruraux**

Le devis élaboré par les services de l'ASTA portant sur les travaux de réfection des chemins ruraux «am Kräitzfeld» à Calmus et «op der Rei» à Ehner se chiffre à un montant de 102.000 € et trouve l'approbation unanime du conseil.

**5. Propriétés communales : Demande de suspension du loyer**

Le locataire de l'immeuble 2, route d'Arlon à Saeul, abritant la friterie « beim Cédric » a demandé une suspension du loyer et du paiement des taxes communales en raison de la fermeture de son commerce pendant l'état de crise. Le conseil communal accorde unanimement un délai de paiement jusqu'à la fin de l'année 2020. En outre des mesures spéciales pour le secteur de l'HORESCA sont prévus au point suivant.



presentéiert vum
Joël KIEFFER,
Gemengeredakter

**6. Finances communales**

a) Les titres de recette des années 2018, 2019 et 2020 sont approuvés par tous les membres, le total s'élevant à plus de 4,5 millions d'Euros.

b) Crédit supplémentaire - Action de solidarité
Le conseil communal décide à l'unanimité des voix d'instaurer une aide financière destinée uniquement aux commerces du secteur de l'HORESCA. Chaque commerce bénéficiera d'une aide directe de 1.500€ en échange de bons de consommation d'une même valeur. Ces bons seront distribués aux associations locales qui pourront les utilisés ou les redistribués entre leurs membres.

c) Crédit spécial - Installation de panneaux photovoltaïques
Dans le cadre du pacte climat il est décidé de faire installer des panneaux photovoltaïques sur la toiture de la maison relais de Saeul. Le coût total s'élève à 45.000€ et trouve l'approbation unanime du conseil.

**7. Prise de position relative à la stratégie belge de gestion des déchets nucléaires**

Dans le cadre de la consultation publique transfrontière de l'Organisme (belge) national des déchets radioactifs et des matières fissiles enrichies (ONDRAF) le conseil communal est appelé à se prononcer au sujet du projet d'enfouissement des déchets nucléaires proche à la frontière belgo-luxembourgeoise.
Considérant les craintes émises au sujet des couches géologiques qui s'approchent en direction du réservoir d'eau potable du Grand-Duché (lac de la Haute-Sûre) ainsi que celles de la Vallée de l'Eisch (Syndicat SES) le conseil communal décide à l'unanimité des voix de s'opposer audit projet d'enfouissement tel qu'il a été proposé par les autorités belges.

### Fin de séance.

## Séance du conseil communal du 29 juin 2020

Présents: Jean Konsbruck, bourgmestre, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, échevins, John Kaufmann et Gérard Zoller, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.

Excusé : Marc Fisch, conseiller

**1. État des restants 2019**

L'état des restants de l'année 2019 est présenté par Mme Stéphanie Labranche, receveur communal et s'élève à 8.786,45 €. Etant donné qu'aucune décharge n'a été sollicitée, la somme entière restera à recouvrer par les moyens légaux mis à disposition.

**2. Projet atelier communal et centre d'incendie et de secours**

Les plans et devis ont été élaborés par le bureau d'architecture BENG. Le coût total s'élèvera à 2.997.446,28€, TVA et honoraires inclus. Un subside pour la partie de l'atelier communal sera sollicité auprès du ministère de l'Intérieur. Pour la partie du service d'incendie une convention de location avec le CGDIS sera établie prochainement.

**3. PAP « Duerfstrooss » à Kapweiler**

Une deuxième convention particulière entre propriétaires, portant sur le mode de répartition des frais à partager, est approuvée unanimement.

**4. Convention CIGR Wiltz Plus**

La convention entre la commune et l'asbl CIGR portant sur une collaboration d'aide en matière d'emploi et de formations et proposant différents services aux habitants de la commune, est ratifiée par tous les membres du conseil.

**5. Enseignement fondamental**

a) Organisation scolaire provisoire 2020/2021

b) Plan d'encadrement périscolaire 2020/2021
L'organisation provisoire et le plan d'encadrement sont arrêtés unanimement.

**6. Personnel communal**

a) Demande de départ à la retraite
Mme Erica Bucari qui est engagée comme employée communale au service technique communal, a sollicité sa démission pour raison d'âge avec effet au 1er mars 2021. Le conseil communal lui accorde à l'unanimité des voix ce droit à la pension.

b) Création d'un poste de fonctionnaire
En vue de remplacer Mme Bucari, le conseil communal décide de créer unanimement un poste de chargé technique à plein temps, groupe de traitement B1.

**7. Finances communales : crédit supplémentaire**

L'élaboration d'un nouveau plan d'aménagement général (PAG) engendre des dépenses supplémentaires non prévues au budget de l'année en cours. Un crédit supplémentaire de 40.000€ est approuvé par tous.

### Fin de séance.

## Séance du conseil communal du 30 juillet 2020

Présents: Jean Konsbruck, bourgmestre, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, échevins, Marc Fisch, John Kaufmann et Gérard Zoller, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.

Excusé : néant

**1. Aménagement communal**

a) PAP « Hanzenhiel » à Calmus
Un projet de plan d'aménagement particulier dénommée « Hanzenhiel» à Calmus, portant création de six places à bâtir sur des fonds d'une superficie d'environ 40,57 ares, est approuvé à l'unanimité des voix.

b) PAP « Op der Seërie » - Convention
La convention d'exécution et le dossier technique du projet d'aménagement particulier « Op der Seërie » à Schwebach sont approuvés par tous.

**2. Convention Park & Ride Schwebach**

Le projet de construction d'un Park & Ride à Schwebach sera réalisé par l'Administration des Ponts & Chaussées et prévoit l'aménagement de 85 places de stationnement lors de la première phase avec une éventuelle extension à 172 places en tout. Un abribus avec toilette et M-Box complète l'ensemble.

La convention réglant les différents aspects financiers comme la vente du terrain ou le coût des mesures de compensations et d'entretien, ainsi que le devis du projet et la part communale relative au bassin de rétention, est ratifiée unanimement par le conseil communal.

**3. Finances communales**

a) Crédit supplémentaire pour l'acquisition d'une parcelle
Un crédit supplémentaire de 35.000€ est voté à l'unanimité des voix en vue de l'acquisition d'une parcelle située en zone verte.

b) Crédit spécial pour l'aménagement d'un chemin
Le coût d'aménagement d'un chemin de liaison entre les localités de Calmus et de Kapweiler est estimé à 30.000€ et trouve l'approbation unanime de tous.

**4. Droit de préemption concernant l'acquisition d'une parcelle**

Le conseil communal recourt au droit de préemption en relation avec un compromis de vente entre les consorts Oth et M. Alain Weiten concernant une parcelle située en zone verte au lieu-dit « Am Dall » à Saeul.
Cette décision est prise à la majorité des voix avec 5 voix contre 1.

**5. LEADER Atert-Wark - Convention**

Un avenant à la convention du GAL LEADER Atert-Wark portant sur la prolongation de la période Leader jusqu'au 31 décembre 2022 est ratifié par tous les membres.

**6. Règlement de circulation communal**

Un avenant apportant quelques modifications au règlement de circulation communal est approuvé à l'unanimité des voix. Le règlement sera publié après l'approbation ministériel.

**7. CGDIS**

a) Convention de transfert de biens meubles
Le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) reprend à partir du 1er juillet 2018 les biens meubles (matériel, équipement, parc roulant, etc.) appartenant actuellement au service d'incendie de la commune. Les frais d'entretien occasionnés depuis cette date seront remboursés à la commune.

b) Contrat de louage des biens immeubles
Le CGDIS loue à partir du 1er juillet 2018 le bâtiment communal abritant le service d'incendie de la commune pour une durée de 10 années avec tacite reconduction. L'indemnité annuelle s'élèvera à 18.975€.
Les deux documents sont ratifiés unanimement.

**8. CIGR Wiltz Plus - Nomination**

Le bourgmestre Jean Konsbruck est nommé par vote secret à l'unanimité des voix comme délégué communal auprès du CIGR Wiltz Plus.

**9. Accord de collaboration Arcus**

Un accord de collaboration entre la commune et l'Asbl Arcus concernant le fonctionnement du service d'éducation et d'accueil (Maison relais) de Saeul est ratifié par l'ensemble du conseil.
L'asbl Arcus se chargera de la direction et de l'organisation du fonctionnement de la Maison relais de Saeul à partir du 1er septembre 2020.

**10. Plan directeur sectoriel « décharges pour déchets inertes »**

La commune émet un avis favorable au sujet du projet d'abrogation du plan directeur sectoriel relatif aux décharges pour déchets inertes.

**11. Enseignement fondamental**

Le règlement relatif à l'occupation des postes d'enseignant dans la commune de Saeul est remanié et trouve l'approbation unanime du conseil.

**12. Cimetière forestier - taxe d'inscription**

L'inscription sur la stèle commémorative du cimetière forestier est facultative. Le montant de la taxe est fixé à l'unanimité des voix à 200€ par personne inhumée.

## Fin de séance.

## Séance du conseil communal du 28 octobre 2020

Présents: Jean Konsbruck, bourgmestre, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, échevins, Marc Fisch, John Kaufmann et Gérard Zoller, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.

Excusé : néant

**1. Désignation d'un local pour les réunions du conseil communal**

En considérant que la pandémie « COVID-19 sévit toujours, le conseil communal décide unanimement de désigner la salle des fêtes de Saeul comme local de réunion des séances du conseil communal.

## Séance à huis clos

**2. Décision sur l'occupation du poste de chargé technique**

Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de ne pas nommer de chargé technique étant donné qu'aucune candidature admissible au poste ait satisfait lors des tests et de l'entretien d'embauche.

**3. Prolongation de la nomination du secrétaire communal f.f. – Décision**

Le sieur Joé WOLFF est nommé à l'unanimité des voix en tant que « secrétaire communal faisant fonction » à partir du 1er décembre 2020 jusqu'au 31 mai 2021 inclus.

## Séance publique

**4. Engagement d'un salarié à tâche intellectuelle**

Suite à la décision de ne pas engager de chargé technique dans la carrière du fonctionnaire communal en raison qu'aucune candidature valable n'ait été présentée, le conseil communal décide unanimement de charger le collège échevinal d'engager un salarié à tâche intellectuelle avec un contrat à durée déterminée pour les besoins du service technique communal.

**5. Plan de gestion annuel des forêts communales**

Le garde-forestier Thierry Hollerich présente le plan de gestion de l'exercice 2021. Les investissements s'élèveront à 129.250€ contre des recettes estimées à 101.000€. Le conseil communal avise favorablement et unanimement le plan de l'édition 2021.

**6. Propriétés communales**

Les trois points ci-dessous sont ratifiés à l'unanimité des voix :
a) Une convention concernant un droit de passage d'utilité publique au lieu-dit « Rue Principale » à Saeul entre le collège échevinal et le Fonds de gestion des édifices religieux. (M. Gérard Zoller n'a pas pris part aux délibérations, ni au vote).

b) Une convention concernant un droit de passage d'utilité publique au lieu-dit « Ditzebierg » à Saeul entre le syndicat intercommunal DEA et la commune de Saeul.

c) Un acte de vente concernant l'acquisition d'une parcelle au lieu-dit « Am Dall » à Saeul et appartenant aux consorts Oth.

**7. Conduite d'approvisionnement en eau potable – Saeul**

Le projet de renouvellement de la conduite d'approvisionnement en eau potable de la localité de Saeul (tronçon réseau d'eau potable « Ditzebierg » - entrée Saeul) a été élaboré par le bureau d'ingénieurs TR Engineering. Le coût total de la partie communale s'élève à 440.000€, TVA et honoraires compris. Les plans et le devis sont approuvés à l'unanimité des voix.

**8. Congé politique**

Les heures supplémentaires du congé politique des délégués au sein des syndicats intercommunaux sont réaffectées unanimement à raison de 9 heures par semaine au bourgmestre Jean Konsbruck à partir du 1er janvier 2021.

**9. Impôts communaux**

a) Le taux de l'impôt commercial pour l'exercice 2021 est fixé à 300%.

b) Les taux de l'impôt foncier A et B resteront inchangés pour l'exercice 2021, à savoir 300%.
Les deux points sont votés à l'unanimité des points.

**10. Finances communales**

a) Un crédit spécial concernant la rénovation et l'aménagement du bureau de poste à Saeul, au montant de 50.000€, est approuvé à l'unanimité des voix.

b) Le tableau des modifications du budget ordinaire de l'exercice 2020 trouve également l'approbation unanime du conseil.

**11. Comptabilité communale**

a) Le compte de gestion 2018 et

b) Le compte administratif 2018 sont arrêtés provisoirement à l'unanimité des voix :

| TABLEAU RÉCAPITULATIF | MONTANTS |
|---|---|
| Boni du compte 2017 | 1.424.160,48 € |
| Recettes ordinaires | 3.476.409,13 € |
| Recettes extraordinaires | 643.750,58 € |
| Total des recettes | 5.544.320,19 € |
| Mali du compte 2017 | 0,00 € |
| Dépenses ordinaires | 2.480.811,93 € |
| Dépenses extraordinaires | 835.653,48 € |
| Total des dépenses | 3.316.465,41 € |
| BONI | 2.227.854,78 € |

**12. Règlement concernant l'attribution de cadeaux et de dons**

Un règlement concernant l'attribution de cadeaux de départ (retraite, démission) et de dons (décès, mariage, naissance enfant) aux conseillers communaux, au personnel communal, enseignant et assimilé, est approuvé par l'ensemble du conseil.

**13. Allocation indemnité de perte de caisse**

Le conseil communal avait voté en 1973 une indemnité de perte de caisse à attribuer au receveur communal sans que cette décision n'ait été actée par une délibération. Une indemnité de 50€ indice 100 est attribuée annuellement à partir de 2020 et sera payée au prorata du degré d'occupation du receveur communal.
Cette décision est prise à l'unanimité des voix.

**14. SICONA-Centre**

a) Une convention entre les consorts Offermann-Eilenbecker de Rollingen et le collège échevinal portant sur la plantation d'arbres fruitiers à Schwebach est ratifiée unanimement.

b) L'adhésion au Sicona des communes de Lintgen et de Habscht est avisée favorablement par tous les membres

**15. OSCARE**

La convention pour l'année 2020 de l'office social du canton de Rédange/Attert est signée sans objections.

**16. Club Senior Atertdall**

La convention pour l'année 2020 est approuvée par tous.

**17. Pacte climat - primes à allouer**

Le règlement concernant les primes relatives à l'acquisition ou à la réparation d'appareils électroménagers à haute performance énergétique est modifié unanimement.
Une prime de 100€ pour l'achat d'appareils A+++ ou une participation de 50% avec un maximum de 100€ pour la réparation de ces appareils, ainsi qu'une prime de 300€ pour une nouvelle pompe de circulation chauffage avec équilibrage hydraulique seront dorénavant attribués par la commune par l'intermédiaire de l'Energie Atelier.

**18. Cimetière forestier – modification du règlement**

Le conseiller Gérard Zoller a demandé à ce que ce point figure à l'ordre du jour du conseil communal.
Le conseil discute au sujet d'une modification à apporter au règlement sur les cimetières communaux au niveau du chapitre du cimetière forestier. Une décision n'a toutefois pas été prise.





## Gemengerot vum 8. Juni 2020

**Et waren do : Jean Konsbruck, Buergermeeschter, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, Schäffen, Marc Fisch, John Kaufmann a Gérard Zoller, Konselljeeën. Joé Wolff, Gemengesekretär ff.**

**Entschëllegt : Keen**

**1. Bestëmme vun engem Lokal fir d'Versammlunge vum Gemengerot**

Wéinst der COVID-19 Pandemie, huet de Gemengerot eestëmmeg beschloss, d'Sëtzungen, fir d'Dauer vun der Kris, am Säller Festsall ofzehalen.

## Geheimsëtzung

**2. Enseignement : Propositioun fir eng Weiderustellung**

Zwéi Schoulmeeschteren, fir d'Cyclen 2-4 aus der Grondschoul vun der Gemeng, gi weider ugestallt. Et handelt sech ëm den Här Kim Folschette vu Greisch an den Här Jeff Ittenbach vu Keespelt.

**3. Verlängerung vun der Nominatioun vum Gemengesekretär ff.**

Den Här Joé WOLFF gëtt eestëmmeg als « secrétaire communal faisant fonction » vum 1. Juni 2020 bis den 30. November 2020 nominéiert.

## Ëffentlech Sëtzung

**4. ASTA : Erneierung vun de Feldweeër**

Den Devis, opgestallt vum Zerwiss vun ASTA, fir d'Erneierungsaarbechte vun de Feldweeër « am Kräitzfeld » zu Kaalmes an « op der Rei » zu Iener, beleeft sech op 102.000€ a gëtt eestëmmeg ugeholl.

**5. Gemengeproprietéiten : Ufro fir d'Noloosse vum Loyer**

De Locataire vum Haus 2, Arelerstrooss zu Säll, wou d'Friterie « Beim Cédric » dran ass, huet ugefrot, fir de Loyer an d'Gemengentaxen nogelooss ze kréien, well e säi Betrib wärend der Kris huet missen zoumaachen. De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, d'Bezuele bis un d'Enn vum Joer 2020 auszesetzen. Et sinn doriwwer eraus, am nächste Punkt, extra Mesurë fir den HORESCA-Secteur virgesinn.

**6. Gemengefinanzen :**

a) D'Recettë vun de Joren 2018, 2019 an 2020 ginn eestëmmeg guttgeheescht. Den Total beleeft sech op iwwer 4,5 Milliounen Euro.

b) Zousazkredit – Solidaritéits Aktioun
De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, fir de Geschäftsleit aus dem HORESCA-Secteur eng finanziell Hëllef ze ginn. All Geschäft kritt eng Direkthëllef vu 1.500€, déi géint Bonge vun der selwechter Valeur kënnen agetosch ginn. Dës Bonge ginn un déi lokal Veräiner verdeelt, déi se selwer kënne profitéieren oder un hir Membere weiderginn.

c) Spezialkredit – Opriichte vu Photovoltaik-Panneauen
Am Kader vum Klimapakt gëtt festgehal, datt Photovoltaik-Panneauen um Daach vun der Maison relais sollen installéiert ginn. Dat kascht 45.000€ a gëtt eestëmmeg guttgeheescht.

**7. Stellungnam zur belscher Strategie vun der Gestioun vum nuklearen Offall**

Am Kader vun der ëffentlecher, grenziwwerschreidender Consultatioun, vum belschen Organismus, deen sech ëm déi radioaktiv Offäll an dem ugeräicherten, spaltbare Material (ONDRAF) bekëmmert, ass de Gemengerot opgeruff, sech zum Projet vun der ënnerierdescher Lagerung vun den nuklearen Offäll, no bei der Belsch-Lëtzebuergescher Grenz, ze äusseren.

Et gi Bedenken, wéinst der Ausriichtung vun de geologesche Couchen, no um Lëtzebuerger Drénkwaasserbecke vun der Uewersauer, grad ewéi vun deenen am Äischdall (Syndikat SES).
Dofir beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, fir sech géint dee Projet vum Verbuddelen, sou wéi déi belsch Autoritéiten et geplang hunn, auszeschwätzen,

## Enn vun der Sëtzung

## Gemengerot vum 29. Juni 2020

**Et waren do : Jean Konsbruck, Buergermeeschter, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, Schäffen, John Kaufmann a Gérard Zoller, Konselljeeën. Joé Wolff, Gemengesekretär ff.**

**Entschëllegt : Marc Fisch, Konselljee**

**1. Restantebestand 2019**

De Stand vun de Réckstänn aus dem Joer 2019 gëtt vun der Madamm Stéphanie Labranche, Remengereceveur, virgestallt. Et sinn 8.786,45 €. Well keng Decharge ugefrot ginn ass, soll déi Zomm déi nach opsteet, op legalem Wee agedriwwe ginn.

**2. Projet Gemengenatelier a Läsch- a Rettungszenter**

D'Pläng an den Devis si vum Architektebüro BENG ausgeschafft ginn. Den Total beleeft sech op 2.997.446,28€, TVA an Honoraren abegraff. Et gëtt

e Subsid, fir den Deel vum Gemengenatelier, beim Inneministär ugefrot. Fir den Deel vum Pompjeeszerwiss gëtt eng Konventioun fir d'Locatioun mam CGDIS opgesat.

### 3. PAP « Duerfstrooss » zu Kapweiler

Eng zweet Konventioun, tëschent de Proprietären, déi d'Opdeelung vun de Käschte festleet, gëtt eestëmmeg ugeholl.

### 4. Konventioun CIGR Wiltz Plus

An der Konventioun tëschent der Gemeng an der Asbl CIGR, geet et ëm d'Zesummenaarbecht um Gebitt vun der Aarbechtsbeschafung an der Ausbildung. Hei gi verschidden Zerwisser fir d'Awunner vun der Gemeng ugebueden. D'Konventioun gëtt eestëmmeg ënnerzeechent.

### 5. Grondschoul

a) Provisoresch Schoulorganisatioun 2020/2021
b) Ausserschoulesche Betreiungsprogramm 2020/2021

Déi 2 Punkte ginn eestëmmeg ugeholl

### 6. Gemengepersonal :

a) Pensiounsufro
D'Madamm Erica Bucari, déi am techneschen Zerwiss vun der Gemeng ugestallt ass, huet ugefrot, fir den 1. Määerz 2021, aus Altersgrënn an d'Pensioun ze goen. De Gemengerot bewëllegt hir déi Pensioun eestëmmeg.

b) Schafe vun engem Fonctionnairesposten
Fir d'Madamm Bucari ze ersetzen, beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, e Poste fir e vollzäitbeschäftegten Techniker, am Grupp B1, ze schafen.

### 7. Gemengefinanzen : Zousazkredit

D'Ausschaffe vun engem neie PAG kascht zousätzlech Suen, déi net am Budget vum lafende Joer virgesi waren. En Zousazkredit vu 40.000€ gëtt eestëmmeg guttgeheescht.

## Enn vun der Sëtzung

## Gemengerot vum 30. Juli 2020

**Et waren do : Jean Konsbruck, Buergermeeschter, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, Schäffen, Marc Fisch, John Kaufmann a Gérard Zoller, Konselljeeën. Joé Wolff, Gemengesekretär ff.**

**Entschëllegt : Keen.**

### 1. Kommunal Amenagementer

a) PAP « Hanzenhiel » zu Kaalmes
De private PAP « Hanzenhiel » zu Kaalmes, wou 6 Bauplazen op engem Areal vun ongeféier 40,57 Ar geplangt sinn, gëtt eestëmmeg ugeholl.

b) PAP « Op der Seërie » - Konventioun
D'Konventioun fir d'Ausféierung an den techneschen Dossier vum PAP « Op der Seërie » zu Schweebech, ginn eestëmmeg ugeholl.

c) Konventioun Park & Ride Schweebech
De Bauprojet vum Park & Ride zu Schweebech, gëtt vun de Ponts & Chaussées ausgefouert. Hei sinn, an enger éischter Phase, 85 Parkplaze geplangt. De Parking kann op eventuell 172 Plaze vergréissert ginn. Et kënnt och e Bushaischen an eng M-Box mat Toiletten dohinner.
D'Konventioun, déi verschidde finanziell Aspekter reegelt, wéi zum Beispill de Verkaf vum Terrain oder de Präis vun der Kompensatioun a vum Ënnerhalt, grad ewéi den Devis, fir déi kommunal Bedeelegung um Zeréckhalbaseng, gëtt eestëmmeg ugeholl.

d) Gemengefinanzen :
a) Zousazkredit fir de Kaf vun enger Parzell
En Zousazkredit vu 35.000€, fir de Kaf vun enger Parzell an der Gréngzon, gëtt eestëmmeg ugeholl.
b) Spezialkredit fir d'Erneierung vun engem Wee
De Präis, fir d'Erneierung vum Verbindungswee tëschent Kaalmes a Kapweiler, gëtt op 30.000€ geschat an eestëmmeg ugeholl.

e) Virkaafsrecht vun enger Parzell
De Gemengerot beriffft sech op d'Virkaafsrecht, bei engem Compromis tëschent de Konsorten Oth an dem Här Alain Weiten, wéinst enger Parzell an der Gréngzon op der Plaz « Am Dall » zu Säll. Dës Decisioun gëtt mat enger Majoritéit vu 5 zu 1 Stëmme geholl.

f) LEADER Atert-Wark - Konvention
En Avenant zur Konventioun vum GAL LEADER Atert-Wark, wéinst der Verlängerung vun der Leader Period bis den 31. Dezember 2022, gëtt eestëmmeg ënnerzeechent.

g) Kommunaalt Verkéiersreglement
En Avenant, dee verschidde Modifikatiounen am kommunale Verkéiersreglement virgesäit, gëtt eestëmmeg ugeholl. Dat Reglement gëtt no der ministerieller Approbatioun publizéiert.

h) CGDIS :
a) Konventioun fir den Transfert vu mobile Gidder
Den CGDIS iwwerhëlt vum 1. Juli 2018 un de materielle Besëtz (Material, Ausrëschtung, Fuerpark asw.) deen de Moment nach der Gemeng gehéiert. D'Ënnerhaltskäschten, déi zanter deem Datum ugefall sinn, kritt d'Gemeng zeréckbezuelt.
b) Lokatiounskontrakt vun den Immobilien
Den CGDIS lount vum 1. Juli 2018 un de Pompjeesbau, deen der Gemeng gehéiert, fir d'Dauer vun 10 Joer mat enger automatescher Verlängerung. Déi zwee Dokumenter ginn eestëmmeg ënnerzeechent. Déi järlech Entschiedegung beleeft sech op 18.975€.

Béid Dokumenter sinn eestëmmeg ënnerzeechent ginn.

i) CIGR Wiltz Plus – Nominatioun
De Buergermeeschter Jean Konsbruck gëtt, an engem geheime Vott, eestëmmeg als Gemengendelegéierte beim CIGR Wiltz Plus nominéiert.

j) Kollaboratiounsaccord Arcus
En Accord, fir d'Zesummenaarbecht tëschent der Gemeng an der Asbl Arcus, wéinst dem Fonctionnement vum edukativen Zerwiss an dem Accueil an der Maison relais vu Säll, gëtt eestëmmeg ugeholl.
D'Asbl Arcus bekëmmert sech ëm d'Direktioun an d'Organisatioun vun der Maison relais zu Säll, vum 1. September 2020 un.

k) Sectorielle Masterplang « Bauschutt »
D'Gemeng gëtt e favorablen Avis of, wéinst dem Projet fir d'Ophiewe vum Masterplang iwwert d'Bauschuttdeponien.

l) Grondschoul
D'Reglement iwwert d'Besetzung vun den Enseignantsposten an der Säller Gemeng, gëtt eestëmmeg ëmgeännert.

m) Bëschkierfecht - Beschrëftungstax
D'Beschrëftung um Erënnerungspanneau vum Bëschkierfecht ass fakultativ. D'Bäisetzungstax gëtt eestëmmeg op 200€ pro Persoun festgeluecht.

## Enn vun der Sëtzung

## Gemengerot vum 28. Oktober 2020

**Et waren do : Jean Konsbruck, Buergermeeschter, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, Schäffen, Marc Fisch, John Kaufmann a Gérard Zoller, Konselljeeën. Joé Wolff, Gemengesekretär ff.**

**Entschëllegt : Keen.**

### 1. Bestëmme vun engem Lokal fir d'Versammlunge vum Gemengerot

Well d'COVID-19 Pandemie nach ëmmer unhält, beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, seng Versammlungen am Festsall zu Säll ofzehalen.

## Geheimsëtzung

### 2. Beschloss iwwert d'Besetzung vun engem Technikerposten

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg keen Techniker anzestellen, well keng Kandidatur, weder am Test nach am Gespréich, déi néideg Konditiounen erfëllt huet.

### 3. Verlängerung vun der Nominatioun vum Gemengesekretär ff. - Decisioun

Den Här Joé WOLFF gëtt eestëmmeg, als « secrétaire communal faisant fonction », vum 1. Dezember 2020 bis den 31. Mee 2021 ernannt.
Ëffentlech Sëtzung

### 4. Ustellung vun engem Employé

No der Decisioun, keen Techniker an der Karriär vun engem Gemengefonctionnaire anzestellen, well keng Kandidatur gepasst huet, beschléisst de Gemengerot eestëmmeg, de Schäfferot unzestellen, en Employé mat engem befriste Kontrakt, fir den techneschen Zerwiss anzestellen.

### 5. Järleche Gestiounsplang vun de Gemengebëscher

De Fierschter Thierry Hollerich stellt de Gestiounsplang fir den Exercice 2021 vir. Et ginn 129.250€ investéiert an et komme geschaten101.000€ eran. De Gemengerot gëtt eestëmmeg e positiven Avis zum Plang 2021 of.

### 6. Gemengebesëtz

**Dës dräi Punkte ginn eestëmmeg ugeholl**

a) Eng Konventioun, wéinst enger ëffentlecher Servitude an der « Rue Principale » zu Säll, tëschent dem Schäfferot an dem Fong vun de Kierchegidder. (Den Här Gérard Zoller hëlt net un der Deliberatioun deel a stëmmt net mat of)

b) Eng Konventioun, wéinst enger ëffentlecher Servitude op der Plaz « Ditzebierg » zu Säll, tëschent dem Interkommunale Syndikat DEA an der Gemeng Säll.

c) E Verkaafsakt, wéinst dem Uschafe vun enger Parzell op der Plaz « Am Dall » zu Säll, déi de Konsorten Oth gehéiert.

### 7. Drénkwaasserleitung – Säll

De Projet fir d'Erneierung vun der Drénkwaasserleitung vu Säll (Dat Stéck tëschent dem « Ditzebierg » an dem Agang vu Säll) ass vum Ingenieursbüro TR Engineering ausgeschafft ginn. De Gesamtpräis vum Gemengendeel beleeft sech op 440.000€, TVA an Honoraren abegraff. D'Pläng an de Devis ginn eestëmmeg ugehoill.

### 8. Congé politique

